



Pilotprojet
‘NaturErliefnisSchoul’
am Cycle 2
September 2018 bis Juli 2020

Projetsgrënnerinnen & Projetsleederinnen

Mme Sandra Leoni
Léierin a Kraiderpedagogin
10, chemin de la vallée
L-6315 Beaufort
sandra.leoni@education.lu
Tel: 691 836627

Mme Joëlle Renoir
Léierin an Naturcoach
6, chemin des rochers
L-6310 Beaufort
joelle.renoir@education.lu
Tel: 661 360165

Pilotprojet ,NaturErliefnisSchoul‘ am Cycle 2 vun September 2018 bis Juli 2020

Inhaltsverzeechnes:

1. Den Kader vum Pilotprojet NaturErliefnisSchoul

Schouljoer 2018/19

- A. Praktesch Ëmsetzung vum Pilotprojet
- B. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

Schouljoer 2019/20

- C. Praktesch Ëmsetzung vum Pilotprojet
- D. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

2. Opdeelung vun den personellen Ressourcen vun 2018-2020

3. Zieler an d'Stärkten vum Projet NaturErliefnisSchoul

4. Eis pedagogesch-didaktesch Methoden

5. D'Acteuren an d'Vernetzung vun eisem Projet

6. Ëmsetzung vun de Missiounen vum Pilotprojet NaturErliefnisSchoul 2018

7. Dokumentatiounen vun Dobaussen Léieren

De Pilotprojet NaturErliefnisSchoul (NES)

D' Iddi zum Pilotprojet NaturErliefnisSchoul ass eis komm, well mir an de leschte Joren an eisem schouleschen Alldag mat Bedenke festgestallt hunn, datt d'Prérequisen an déi spezifesch Besoine bei de Kanner vun de Klassen am C2, ëmmer méi auserneendriften, an dëst a multipelle Beräicher.

Mir wollten dem entgéintwierken an iwwert **eng holistesche Eruegungsweis** un deem **sozialen, kommunikativen, emotionalen, perceptiven a motoreschen** Equart, deen d'Kanner opweisen, schaffen an si domat **sozial, kierperlech a kognitiv** méi fit maachen, an der Hoffnung, dass dëst positiv Auswierkungen op hiert Selbstbewosstsinn an awer och dat gemeinsaamt Klasse Liewe wäert hunn.

1. De Kader vum Projet NaturErliefnisSchoul

Schouljoer 2018/2019

A. Praktesch Ëmsetzung vum Pilotprojet

D'NaturErliefnisSchoul huet de Kanner aus dem **C 2.1** (30 Schüler) aus der Beeforter Grondschoul et erlaabt ee Moien an der Woch hiert **Klassenzëmmer an d' Natur ze verleeën** a gläichzäiteg esou **ee Moien am klengen Grupp mat hirer eegener Joffer am Kllassesall** schaffen ze kënnen.

Di praktesch Ëmsetzung huet esou ausgesinn datt mir, Dënschdes mat der Hallschent vun de Kanner aus den zwou Schouklasse vun den **Enseignantë Cindy Marcinkowski an Patrice Petry aus dem C2.1.** an d'Natur erausgange sinn a Mëttwochs mat der aner Hallschent, sou datt mir am Bësch ëmmer ee Grupp vu 14 - 16 Kanner haten. Dëst huet et den Titulairë vun de Klassen erlaabt op dësen zwee Moienter mat engem méi klengen Grupp (7-8 Kanner) ze schaffen an hiren Unterrecht esou besser ze differenzéieren an un de Kanner hier Besoinen unzepassen.

All Kand huet elo wöchentlech vun **dräi ënnerschiddlechen Unterrechtmethoden** profitéiert, wat et him erméiglecht huet den Léierstoff iwwert ënnerschiddlech Kanäl ze assimiléieren an ze vernetzen:

- ee Moien an der Natur am grénge Kllassesall an engem groussen Grupp: Dobaussen Léieren
- ee Moien am klengen Grupp mat senger Joffer: individuell an differenziert Léieren
- drei Deeg am Schoulsall: am Klassegrupp Léieren

	Dënschdeg		Mëttwoch	
	Am Klassensall	An der Natur	Am Kllassesall	An der Natur
07:50 – 12:00 Auer	Grupp 1 Mme Marcinkowski 7 Schüler	Grupp 2 & Grupp 4 NaturErlebnisSchoul C2.1 15 Schüler	Grupp 2 Mme Marcinkowski 8 Schüler	Grupp 1 & Grupp 3 NaturErlebnisSchoul C2.1 15 Schüler
	Grupp 3 Mme Petry 8 Schüler		Grupp 4 Mme Petry 7 Schüler	

B. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

Dobaussen Léieren huet sech am C 2.1 aus folgende **Fächer** zesummengesaat:

- **Sciences naturelles, Education artistique an Education physique**
- mir hunn awer och Elementer aus **der Vieso, de Sproochen** Däitsch a Lëtzebuergesch an der **Mathematique** matagebaut
- aa virun allem hunn mir déi fir d'Zukunft esou wichteg **Compétence transversalen** mat den **Démarches mentalen** an de **Manière d'apprendre** aus dem plan d'études intégréiert

Schouljoer 2019/2020

C. Praktesch Ëmsetzung vum Pilotprojet

D'**NaturErlebnisSchoul** konnt mat de Kanner vum lëschten Schouljoer weidergoen a si am C2.2 begleeden. Verschidden Kanner hunn vun engem Rallongement de cycle profitéiert, esou dass d'Unzuehl vun den Kanner **am C2.2 op 38 Schüler** gestiejen ass, an Décisioun geholl ginn ass eng 3. Klass ze schaafe, déi vun der Léierin Laurie Scholtes iwweholl gouf.

D'**NaturErlebnisSchoul** war dëst Joer och vum Titulär Ricky Walisch gefroot ginn, deen eng Klass am **C2.1 mat 14 Schüler** ënnerriicht, fir op engem Nomëtteg an der Woch och seng Kanner an den Genoss vum Dobaussen Léieren kommen ze lossen.

Di praktesch Ëmsetzung huet sech an dësem Joer soumat op dräi Deeg verdeelt:

- Mëttwochs Nomëttes hunn mer den C2.1 dobaussen ënnerriicht.
- Dënschdes waren mir mat der Hallschent vun de Kanner aus den dräi Schoulklasse vun den **Enseignantë Cindy Marcinkowski, Patrice Petry an Laurie Scholtes aus dem C2.2** an d'Natur erausgange
- an Donneschdes mat der anerer Hallschent, sou datt mir am Bësch ëmmer ee Grupp vu 19/20 Kanner haten. Dëst huet et den Titulairë vun de Klassen erlaabt op dësen zwee Moienter mat engem méi klengen Grupp (6-7 Kanner) ze schaafe an hiren Unterrecht esou besser ze differenzéieren an un de Kanner hier Besoinen unzepassen.

All Kand huet weiderhin wöchentlech vun **dräi ënnerschiddlechen**

Unterrechtmethoden profitéiert, wat et him erméiglecht huet den Léierstoff iwwert ënnerschiddlech Kanäl ze assimiléieren an ze vernetzen:

- ee Moien an der Natur am grénge Kllassesall mat engem groussen Grupp: Dobaussen Léieren
- ee Moien am klenge Grupp mat senger Joffer: individuellt an differenziéiert léieren
- drei Deeg am Schoulsall: am Klassegrupp léieren

	Dënschdeg		Mëttwochs	Donneschdeg	
	Am Kllassesall	An der Natur	An der Natur	Am Kllassesall	An der Natur
07:50 – 12:00 Auer	Grupp 1 Mme Marcinkowski 6 Schüler	Grupp 2 & Grupp 4 & Grupp 6 NES C2.2 19 Schüler		Grupp 2 Mme Marcinkowski 6 Schüler	Grupp 1 & Grupp 3 & Grupp 5 NES C2.2 20 Schüler
	Grupp 3 Mme Petry 7 Schüler			Grupp 4 Mme Petry 6 Schüler	
	Grupp 5 Mme Scholtes 6 Schüler			Grupp 6 Mme Scholtes 7 Schüler	
14.00-15.55 Auer			C2.1 Här Walisch 14 Schüler		

D. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

Dobaussen Léieren huet sech am C 2.2 aus folgenden **Fächer** zesummengesaat:

- **Sciences naturelles, Vieso, Education artistique an Education physique**
- mir hunn awer och Elementer aus **de Sproochen** Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch an der **Mathématique** matagebonnen
- aa virun allem hunn mir déi fir d'Zukunft esou wichteg **Compétence transversalen** mat den **Démarches mentalen** an de **Manière d'apprendre** aus dem plan d'études intégréiert

Dobaussen Léieren huet sech am C 2.1 aus folgenden **Fächer** zesummengesaat:

- **Sciences naturelles**
- mir hunn awer och Elementer aus **de Sproochen** Däitsch a Lëtzebuergesch, **der Vieso, der Education artistique an der Education physique** matagebonnen
- aa virun allem hunn mir déi fir d'Zukunft esou wichteg **Compétence transversalen** mat den **Démarches mentalen** an de **Manière d'apprendre** aus dem plan d'études intégréiert.

2. Opdeelung vun den personellen Ressourcen

Schouljoer	Decharge ministerielle un den Natur- a Geopark Mëllerdall	Decharge communale un d'Schoul	Zousätzlech Stonnen bei den Contingent vun der Schoul derbei komm sinn vum NGPM fir d'NES an der Beeforter Grondschoul	Vum Contingent oofgang	Stonne fräigeschalt vun den Titularen duerch Zesummenleen vun den Klassen am C2	Klasseneffektiv pro Woch
2017-2018	3	0	3 Stonnen: außerschoulech Aktivitéiten nëmmen fir d'Kanner vun der Grondschoul Beefort	0	0	
2018-2019	14	0	13 Projet NES	8 Assistance	0	2 Klassen aus dem C2.1 mat 9 Stonnen/Woch
2019-2020	14	0	13 Projet NES	4 Assistance	4	3 Klassen aus dem C2.2 mat 9 Stonnen/Woch 1 Klass aus dem C2.1 mat 2 Stonnen/Woch

All Joers stellen mir eng nei "Demande de décharges" un den Educatiounsminister



1. Gläich Chancen fir jiddereen duerch gezielt Differenzéierung

Doduerch datt eise Projet wärend denen zwee Joer an allen Klasse vum C2.1an C2.2 vu Beefort stattfënnt, a verbindlech ass wéinst der Schouflicht, ass di Gerechtigkeit di am Bildungsbericht gefuerdert gëtt garantéiert.

All Kand profitéiert dobausse vu prakteschem, naturnohen, bedeitsame Léieren an all Kand profitéiert am Kllassesall vun engem méi individuell orientéierten Unterrecht mat sengem eegenen Titulaire an engem klengen Grupp op engem Dag an der Woch.



2. Präventiv a ganzheetlech Schaffen

Ganzheetlech Schaffen heescht d'Kand als ee ganz ze gesinn an et do ewech ze huele wou et a senger momentaner Entwécklung steet.

Mir bereede vir mat Hibleck op Kierperwahrnehmung, Sproochentwécklung, sozial Kompetenzen, Teamförderung, Resilienz, Selbstvertrauen, Grob- a Feinmotorik, Ausgeglichenheet, Grenze kënnen léieren, mental a kierperlech Gesondheet an Entwécklung, Emotionalitéit, Naturschutz, Ëmweltbewosstsinn, Wertevermittlung a Respekt.



3. Fächer-iwwergräifend Léieren a vernetzt Denken

Mir vermëttelen de Kanner am Joresrhythmus een réelt, praktescht spiraleg organiséiert Léieren mat alle Sënner an direktem Ëmgang mat der Natur.

Des praktesch Erfarunge vun Dobaussen am Naturkllassesall ginn am Kllassesall an der Schoul nees thematiséiert a verdéift. Dëst erméiglecht en vernetzt Denken duerch di permanent Verbindung mat ënnerschiddleche Medien a gëtt och mat selwer entwéckelten, differenzéierten a fächer-iwwergräifende Wochepläng garantéiert.



4. Nohalt-egkeet an Ëmweltbewosstsinn fërderen


E längerfristegt Objektiv vun eisem Projet ass ganz kloer d'Kanner schonns vu klengem un ze sensibiliséieren zu engem méi respektvollen, responsablen a récksiichtsvollen Ëmgang mat eiser Natur an Ëmwelt, an si sou op hirem Wee zu nohaltege Matbierger ze ënnerstëtzen.

Dëst nohaltegt Wäertschätzen erreche mer doduerch datt d'Kanner wöchentlech d'Natur am Joreszyklus erliewen an dëst an der Géigend wou si sech orientéiere kënnen, wou si wunnen a wou si hier Fräizäit verbréngen.

3. Zieler an d'Stärkten vum Pilotprojet NaturErliefnisSchoul

4. Eis pedagogesch-didaktesch Methoden

Dësen Modell illustréiert eis pedagogesch-didaktesch Methoden:



De **Generatiounsgaart** deen seit März 2019 am Kär vun Beefort seng Dieren opgemaakt huet an Jonk an Aal aus der Gemeng mateneen verbënnt huet säin Ursprung am Pilotprojet NaturErlebnisSchoul. Hei ginn et Beeter an Aktivitéiten fir d'Schouklassem, d'Maison Relais, d'Senioren an weider Interesséierter.

An desëm Kader hunn mir eng Formatioun als Ausbildung **zu Geschmacksléierkräften** an der "**Ecole du Goût**", déi genee wéi mir een Deel vun der "Naturparkschoul heich 3" ass, gemacht. Mir denken dass dëse Volet een Atout fir NaturErlebnisSchoul ass, well en et eis erlaabt de Kanner nees den urspréngleche Goût fir Liewensméttel bewusst ze maachen a si esou un eng gesond Ernierung erun ze féieren. Dësweideren ermeiglecht dës Formatioun eis et de Kanner bewusst ze machen datt d'Schmachten and'Riechen individuell sinn an datt een d'Empfannen dovun bei all Mensch akzeptieren an tolereieren soll.


5. D'Acteuren an d'Vernetzung vun eisem Projet

Eist Verständnis vun der Kooperatioun mat ënnerschiddlechen Acteure baséiert op dem Haaptzil vum PDS vun der Grondschoul Beeforter Buergfénkelcher:

Zesummen motivéiert léieren.


Virun allem dat Wuert „**zesummen**“ huet eis an der Planung vum Pilotprojet begleet an dozou bruecht net nëmme schoulintern Acteuren ze implizéiere mee de Persounenkrees an esou de Ressourcekrees ze erweideren.

Op der folgender Grafik gesitt dir d'Acteuren déi am Projet NaturErliefnisSchoul verankert sinn a wéi d'Vernetzung sech duerch di ganz Gemeng zitt.




6. Ëmsetzung vun de Missiounen vum Pilotprojet NaturErliefnisSchoul 2018-2020


















Am Kader vun der Schoul :



Am Kader vun Kooperatiounen mat Aneren :



Am Kader vun, op mannst engem vun eis zwee, besichten Weiderbildungen:

	<p>Gruppensupervision – Gitte Landgrebe: Begleitung vum Steiergrupp Pilotprojet NaturErlebnisSchoul</p>
	<p>Wohlfühlen im Wald vum Michel Grevis:Eng Formatioun doriwwer wéi een de Bësch kann genéisse mat Gedichter, Zeechnungen, Botaneschen Curiositéiten an Culinareschem Input.</p>
	<p>Grünholzschnitzen mam Michael Heuberger für C2-C4</p>
	<p>IFEN : Klettermax und Schaukelfee vum Alexandra Schwarzer: Eng Formatioun iwwert d'Schaffen mat Seeler am Bësch, d'Bauen vun Schaukeln an Brëcken an dreidimensionalen Kloottergerüster.</p>
	<p>Resilienz vum Siga Diepold: Was Kinder stark macht: Eng Formatioun iwwert d'Förderen vum Selbstwertgefühl an der Selbstkenntnis sowie der wertschätzender Kommunikatioun</p>
	<p>Perspektivenwechsel: Sinnvolle Disziplin anstatt Machtkämpfe auf der Basis von STEP- Methoden</p>
	<p>Hospitation - Die Naturschule Lasauvage</p>
	<p>Ecole du Goût vum Naturpark Our: Eng Formatioun iwwert den Geschmach vun naturnoen, regionalen Liewensmëttel déi och den géigenseitegen Respekt fördert</p>
	<p>Ausbildung zum Schoul- an Therapiebegleethond : Knowhow kréien wéi mäin Hond esouwuel um schouleschen ewéi och um sozialintegrativen Plang zum Asatz kommen kann</p>
	<p>Wasser und Wasserkraft im Müllerthal forschend entdecken</p>
	<p>Hospitation - Bëschklass - BëschMaisonRelais</p>
	<p>Was fühlen Pflanzen? Mit Kindern über die Natur und das Leben philosophieren</p>
	<p>Mit Ästen bauen und gestalten, einfache Holzarbeiten</p>
	<p>„Ups - daneben!“ - Vom vermeintlichen Fehler zum gestalterischen Höhenflug</p>
	<p>Mister Woody, eine mobile Werkbank</p>
	<p>Knack die Nuss</p>
	<p>DYSpraxique mais fantastique ! La dyspraxie, un handicap invisible aux conséquences bien concrètes</p>

7. Dokumentatioun vun Dobaussen Léieren

Folgend ënnerschiddlech Dokumentatiounen hunn mer erstallt a kënnen gären vun allen Interesséierten agesi ginn:

- Beispiller zu eisen **ënnerschiddlechen Unterrechtmethoden**
- Eng detailléiert **Dokumentatioun vun den Aktivitéiten** zu diversen Themen vun engem Moien an der Natur besteet seit Januar 2019
- Den **Fotoalbum 'Draussen unterrichten im Pilotprojekt 'NaturErfelisSchoul' von 2018-2020'** hunn mer zesammengestallt an den Kanner, déi eis während den zwee Joer dobaussen begleet hunn, als Kado zum Ofschluss iwwerrescht. Dëss Fotodokumentatioun bitt en breetgefächerten bildlechen Abléck an Dobaussen Léieren.
- Dokumentatioun vun eiser Kooperatioun **'D'Bëschnascht – Eng Kooperatioun vun der NaturErfelisSchoul mat dem Lycée Technique Agricole'**
- Den **Léierpad fir Schouklasse aus dem C2 an awer och fir Familien**. Héi kritt een anhand vun 8 Léierstatiounen an Abléck an Dobaussen Léieren.